Amitié Am Sand Amizero
L-6999 OBERANVEN

Rapport d'activités 2009

pour l'assemblée générale du 20 avril 2010

1. De Comité huet sech am Joer 2009 9mol getraff.

2. De Mee war fir eis en extrem aktiven Mount

   - 2 Memberen vum Comité aus dem Rwanda
     de Simon, President an d'Donatille, eent vun de Grendungsmemberen vun der Schoul waren vum 1. bis den 24. Mee eis Gäscht zu Letzebuerg.

   - Mir hun matt hinnen zesummen d'Fotosausstellung opgeriicht. De Vernissage vun däer Ausstellung war de 5. Mee am Kulturhaus hei zu Niederanven an sie war duerno während 2 Wochen do ze gesin. Mir hun am ganzen méi wéi 100 Fotoen verkaf.

   - den 8. Mee sin eis Kanner de Frendschftslaf gelaf, d.h. sie hun Sponsoren gesicht fir all gelafenen Tour. D'Kanner hun sech iwwertraff a sie hun iwwer 11 000 euros agelaf. Matt deenen Suen kruten all d'Kanner zu Ruhango e Moustiquaire als Preventioun géint Malaria. D'Elterenvereenegung huet eis gudd gehollef.

   - den 11. Mee war an der Abtei Neumünster eng Journée pédagogique vun den Unesco Schoulen hei am Land. Mir, als Amizero haten zesummen mam Simon a mam Donatille, en Atelier. De Simon huet iwwer de Genocide geschwat a mir hun de Projet virgestallt. Den Atelier ass allgemeng gudd ukomm. Mir haten och während deem Dag eng kleng Ausstellung ennert anerem iwwert de Projet Amizero.

   - de 15. Mee haten mir dann e Rendez-vous am Schefferot, wour mir eise Projet nach eng Kéier duergestallt hun.

   - den 16., 17. an 18 Mee haten dunn eng Rei Memberen, zesummen mam Simon a mam Donatille, eng Formation matt Leit vum cercle des ongs. Mir hu geléiert wéi een e Projet de cofinancement mam MAE opstellt. Ett war

eng Première zu Letzebuerg, dass eng ONG vun hei matt hieren Partner zesummen eng Formatioun mecht. Des Formatioun war ganz interessant a fir eis ganz fruchtbar.

- den 22. Mee hat eise Comité eng Reunioun mam Simon a mam Donatille.

- Während dem ganzen Séjour haten sie Aktivitéiten an de Klassen matt de Kanner. Ett ass och emmer erem flott wéi dat ganzt Léierpersonal am Sand sech engagéiert wa mir Besuch aus dem Rwanda hun. Sie ginn vun de Kollegen a Kolleginnen invitéiert, man Ausflich asw.

3. De 4. Juli haten mir, zesummen matt aneren ONGs, e Stand um Knuedler während dem Meyouzik-Festival.

4. De 14. Juli hu mir eisen Projet un de Schefferot gescheckt.

5. De l4. Juli huet de Comité sech getraff fir d'Rees an de Rwanda vum Colette, Comitésmember, matt der Famill Tirado di Frutos, virzebereeden.

6. Den 16. bis 18. Juli kruten mir dunn nach Besuch vum Pierre Claver, den Réviseur de Caisse aus dem Rwanda. Dee Besuch war awer eischter privat.

7. Den 18. Juli si mir dann, zesummen mam Pierre Claver, an de Rwanda geflunn. Mir waren 3 Deeg zu Ruhango. D'Vakanz war just ugaang. Déi meescht Kanner koumen awer extra zreck an d'Schoul. Sie hun eis Dänz a Karate virgefouert, 2 Aktivitéiten déi d'Schoul hinnen ubidd. Mir hun och an 3 Familljen Moustiquaires opgehaang. D'Schoulkanner kruten och kleng Kadoen, déi eis Schüler fir sie gebastelt haten: Biller a Frendschaftsbänner. Mir waren och bei den Burgermeeschter vu Ruhango invitéiert, deen gäer e Jumelage matt der Gemeng Niederanven hätt. Ech hun déi Demande un de Schefferot weidergin.

8. Mir sin zwar eng ONG, mais mir hun nach keen Agréement. Dofir brauchen mir eng aner Ong, déi eise Projet am MAE presentéiert, D'AMU (Action pour un Monde Uni) war d'accord dat fir eis ze man. D'Myriam huet hinnen de 9. September eise Projet virgestallt, an sie hun zougesot.

9. Den 14. Oktober haten mir eng Entrevue mam Pierre Lutgen vun Iwwerliewen. Mir hun eng Zesummenarbecht matt Artemesia beschloss. Den Häer Lutgen a seng Organisatioun wellt eis do och finanziell ennerstetzen.

10. Den 21. Oktober an den 29. Novembert waren dunn Versammlungen matt dem Comite an der AMU fir de Projet wieder virzebereeden..

11. Den 2. November waren mir an de Schefferot invitéiert. Mir kruten zu eiser grousser Freed e Subside vun 75 000 Euro op 5 Joer zougesot. E ganz groussen Merci.

12. Den 20., 21. an 22. November waren mir matt engem Stand op de Walfer Bicherdeeg present. Do e grousen Merci un d'Maggy aus dem Sekretariat vun eiser Schoul.

13. De 4. Dezember war, dank dem Maria Kugel, an der Kiirch zu Senningen e Concert zu eisen Gonschten vun Voices International. Dee Concert, dee mir zesummen mam Syndicat d'Initiative organiséiert hun, war e groussen Succès.

Dat war ett. Déi ganzen Zäit hu mir och nach emmer um Projet weidergefeilt a sin frou dass dat ganzt elo zimmlech fäerdeg do steet.

Colette
20. Abrell 2010